1-2020-0-1-5972-01 (n°3271)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Nohaltegkeet a wirtschaftlech Entwécklung

Débat sur l'État de la nation

Lëtzebuerg, den 14/10/2020

4

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass d'Regierung sech mam Koalitiounsaccord vun 2018 d'Zil gesat huet, eng Politik ze maachen, déi "à la pointe des défis écologiques" soll sinn an en "développement économique dynamique et durable" promouvéiere soll.
- dass vis-a-vis vun enger ganzer Rei grousse Wirtschaftsprojeten zu Lëtzebuerg an de vergaangene Méint a Jore kritesch Stëmme Bedenken iwwert de Ressourcëverbrauch an d'Nohaltegkeet geäussert hunn.
- dass d'Wirtschaftspolitik sech zu Lëtzebuerg méi ob eng nohalteg Ekonomie a manner ob industrielle Wuesstem konzentréiere muss, wann de wirtschaftlechen Erfolleg vun haut net d'Klima- an Ëmweltschied vu muer solle sinn.
- dass et fir Entrepreneuren an Investisseure wichteg ass, duerch kloer Krittären eng méiglechst héich Planungssécherheet gebueden ze kréien.
- dass et an enger Demokratie wichteg ass d'Zivilgesellschaft frei iwwert grouss nei Wirtschaftsprojeten ze informéieren.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. e kloren an ambitéisen Krittärekatalog opzestelle mat Grenzwäerter fir de Verbrauch vu Waasser, Stroum a fossille Brennstoffer.
2. festzeleeën, dass all Entreprise, déi sech zu Lëtzebuerg nidderloosse wëll, beim Ministère eng ëffentlech zougänglech Nohaltegkeetscharta areeche muss, aus der ervir geet, wéi déi staatlech Grenzwerter agehale kenne ginn a wéi d'Firma envisagéiert, hier wirtschaftlech Aktivitéit nohalteg ze gestalten.

Sven CLEMENT